N°6778
Entrée le 07.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Äntwert vum Här Aussen-an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro 6778 vum 7. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

1. **Kann d'Regierung preziséieren, ob Lëtzebuerg bei der Trauerfeier fir de Michail Gorbatschow vertruede war? Wa jo, ween huet Lëtzebuerg bei dëser Trauerfeier vertrueden? A wéi enger Form huet déi Lëtzbuerger Regierung der Russescher Federatioun hir Kondolenzen ausgedréckt?**

Lëtzebuerg war offiziell vertrueden, an zwar duerch säin Ambassadeur, wéi vill EU Länner. De Grand-Duc huet der Duechter vum Michail Gorbatschow schréftlech säi Bäileed ausgedréckt, souwuel a sengem Numm, wéi och am Numm vum Lëtzebuerger Vollek. Den Ambassadeur huet bei der Trauerfeier virum offene Sarg Blummen hannerluet, an der Famill perséinlech säi Bäileed ausgedréckt.

2. **Wéi wëll Lëtzebuerg un déi grouss Verdéngschter vun dem verstuerwene Staatsmann erënneren? Huet d'Regierung een offizielle Communiqué zum Doud vum Michail Gorbatschow publizéiert? Wann nee, firwar ass dat net gemaach ginn?**

D'Regierung huet duerch Tweeten vum Premier Minister a vum Ausseminister och d'Verdéngschter vum verstuerwenen Staatsmann gewierdegt.

Lëtzebuerg, den 7. Oktober 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn